



relativ strikt Ausleeung vum Secret fiscal zrëckgräift, fir dat doten ze justifiéieren, an deem och a sengem drëtten Punkt vu senger Argumentatioun - an dat grenzt da schonn e bëssen un Zynismus - dee Mangel un Transparenz probéiert ze justifiéieren mat Referenz op déi international Obligatiounen, déi mer hunn am Echange vu Steierinformatiounen, dass Lëtzebuerg do net konform wär zu sengen internationale Flichten, wa mer dat dote géife méi breet opmaachen.

Bon, dat ass e Regret. Et wäert eis awer net drun hënneren, dat hei matzestëmmen, well et ass besser wéi näischt. Et ass effektiv och gesot ginn, dass soss déi Steierdokumenter kéinte carrement zerstéiert ginn. Dat heescht, dat hei ass, wéi gesot, besser wéi näischt.

Här President, als Konklusioun géif ech gäre mat engem Zitat ophalen. Dat ass fir eng kéier emol net vum Robert Krieps, mä et ass vum Ben Fayot.

(Hilarité)

► **Une voix.** - Dat ass e Kënnegen!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Dat ass e Kënnegen, dee sech ëmmer vill fir d'Archivéierung agesat huet an och fir den Nationalarchiv. An dofir fannen ech, dass eng gewësse Justice ass, fir en elo hei ze zitieren an enger vu menge leschte Rieden an der Chamber an dëser Legislatioun oder vläicht och iwwerhaupt.

(Hilarité)

Et weess ee jo net, wat geschitt am Oktober. Soit.

Bon, ech bréngen elo mäin Zitat. Hie sot an engem Artikel am „Land“ 2011, wou en u sech nach eng kéier probéiert huet, déi ganz Archivéierungsdiskussioun do ze relancieren, well näischt geschitt ass, sot en: «(...) les ANL, les Archives nationales, n'ont pas de lobby, comme d'ailleurs la BnL. Ce sont des instituts culturels qui n'ameutent pas les foules, mais qui sont indispensables comme fondements d'une société moderne, ouverte sur l'avenir comme sur son passé. La façon dont une société traite de tels instituts fondateurs révèle sa capacité à se construire elle-même. C'est pour cela qu'il faut remettre les ANL sur l'agenda politique.»

An, Här President, et ass net de mannste Verdéngscht vun dëser Regierung, dass se dëst Gesetz duerch d'Chamber bruecht huet, dass se der Archivéierung déi Wichtegkeet ginn huet, déi se verdéngt. An dofir wäerte mer, wéi gesot, dat Gesetz hei mat Freed matstëmmen.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

9. Ordre du jour (suite)

Ier ech der Madamm Sam Tanson d'Wuert ginn, wollt ech Iech just eng praktesch Informatioun ginn. An Ofsprooch mat deene verschiddene Fraktiounen wollt ech Iech proposieren, fir dee leschte Punkt vum Ordre du jour, déi Sécurité-sociales-Konventioun mat China, op muer ze verleeën. Et ass och mam Rapporteur a mam Minister ofgeschwat.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Merci.

Da soen ech Iech Merci.

(Hilarité)

Et ass an der Tëschenzäit schonn ustiechend.

Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

10. 6913 - Projet de loi sur l'archivage et portant modification

1° de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État;

2° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

3° du décret modifié du 18 juin 1811 contenant règlement pour l'administration de la justice en matière criminelle, de police correctionnelle, et de simple police, et tarif général des frais (suite)

Discussion générale (suite)

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Majo Merci, Här President.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Grënnung vum Lëtzebuurger Stat krute mer den éischten Archivist. Ech maachen elo net nach eng kéier den historesche Réckbléck. Ech mengen, deem hu mer de fond en comble haut scho gesinn, mä zanterdeem dass mer deem éischten Archivist hei haten, eng Informatioun, déi ech d'ailleurs am Avis vun de Bibliothekären an Archivisten zu dësem Projet gelies hunn, ass et nëmme lues weidergaangen am Archivwiesen.

Stand haut hu mer kee Gesetz, wat wirklech verhënnert, dass wichteg Dokumenter zu Lëtzebuerg zerstéiert ginn. Dobäi war d'Wichtegkeet vun den Archiven ni wirklech a Fro gestallt. Et muss ee sech allerdéngs d'Mëttel och ginn, fir dës Wichtegkeet an Taten ëmzesetzen.

Net nëmme aus historesche Grënn a weinst der Recherche ass d'Erhale vun öffentlechen Dokumenter an aneren eng Noutwendegkeet. Si retracieren Decisiounen, déi geholl goufen, droen also och bäi zum demokratesche Fonctionnement vun onser Gesellschaft. Laut Unesco-Deklaratioun iwwert d'Archive séchere se dat individuell a kollektiiv Gediechtnes a schützen d'Biergerrechter.

Am KEP, dee mer jo déi lescht Woch hei debatéiert hunn, sinn am Deel „Patrimoine culturel“ gläich zwou Recommandatiounen den Archive gewidmet. Déi eng setze mer mam Vott zum Gesetz haut ëm. Déi aner ass déi, déi den Här Fayot och grad ugeschwat huet vun der Constructioun vun den Nationalarchiven.

Bei dësem zweete Volet schéngt jo dann och elo endlech Bewegung an den Dossier ze kommen. Ech hunn de Rapporteur nach de Moien um Radio héieren, dee gesot huet, den Avant-projet sommaire wier Enn Mee, wéi dat ugekënnegt gi wär, ugehall, soudass dee Projet also och weidergeet an hoffentlech dann och geschwënn an där nächster Legislaturperiod, d'Gesetz, ka gestëmmt ginn, well hei schwätze mer scho ganz laang dovunner. An een Deel vun deem Gesetz hei ass awer ganz noutwendeg, dass och déi néideg materiell Moyenen do sinn, fir herno dat Gesetz ëmzesetzen. An en uerdentlech Archivgebai gehéiert absolutt do derzou.

► **M. André Bauler (DP).** - Très bien!

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Dat Gesetz hei war jiddefalls laang iwwerfällg. Kee weess genoe, wivill historesch relevant Dokumenter an de leschte Jorzéngten ongewollt, weinst Onwëssen oder - méi schlëmm - vläicht gewollt zerstéiert goufen. E Beispill, wat ech an deem selwechten Avis vun den Archivisten a Bibliothekäre gelies hunn, ass dat vum Zerstéieren an den 1960er Jore vun den Inventairen de Privatbibliothéike vu spoliéierte Judden. Dës Inventairen hu gefeelt, wéi d'Spoliatioun vun de Judden etudéiert gouf.

Esou Zerstéierunge sollen elo net méi méiglech sinn. An d'öffentlech Hand gëtt elo responsabliséiert, mä och d'Privatarchive kréien e Kader. De Rapporteur ass schonn a sengem ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport op déi wichtegst Punkten gaangen. Ech soen him Merci dofir a wäert mech also op e puer aner Punkte beschränken.

Wéi scho gesot, déi gréng Fraktioun begréisst absolutt dat heite Gesetz. Ech wollt allerdéngs op e puer Punkte méi speziell agoen, fir d'Éischt emol och dee vun de Gemengen.

Et gouf jo eng sëlleschen Diskussiounen an deem Punkt. An déi Léisung, déi hei zrëckbehale gouf, ass jiddefalls besser, wéi wa guer keng Léisung do wier, mä et ass net komplett zefriddestellend. Ënnert dem Deckmantel vun der faméiser Autonomie communale, déi mer jo gären zu Lëtzebuerg zéien, ginn d'Gemengen aus der Verantwortung geholl, déiselwecht archivaresch Aarbecht ze leeschte wéi de Rescht vun der öffentlecher Hand.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Jo, et kann e Contrat de coopération ënnerschriwwen ginn an, jo, et muss gemellt ginn, wann eppes soll zerstéiert ginn, mä letztendlech gëtt et keng Pflicht, och net am Gemengegesetz, fachgerecht mat den Archiven ëmzegoen. Dobäi sinn déi net manner wichtig, fir d'Geschicht vun onsem Land an déi demokratesch Prozesser nozevollzéien.

D'Stad Lëtzebuerg huet zum Beispill e ganz gutt fonctionnéierend eegent Archiv mat interner Richtlinnen. An ech si mer absolutt bewusst, dass esou e Service net fir kleng Gemenge machbar ass, mä de Risiko, dat wäertvoll kommunal Dokumenter enzwousch op Späicheren oder a Kellere verkommen, voire enger Plënnerraktioun zum Affer falen, deem hu mer mat dësem Projet net ganz geléist. A wann een tëscht den Zeile liest, da geet et och manner ëm déi ominéis Autonomie communale, mä vill méi ëm d'Suerg, net genuch Moyenen,

finanzieller oder materieller Natur, ze hunn an eben deene méi kleng Gemengen, fir dës Aarbecht kënnen uerdentlech ze maachen.

Ech kann dës Suerg verstoen, mä um Enn, wann duerno de Bierg vun Archive just un d'Nationalarchive weidergeleet gëtt, da muss d'Aarbecht nawell vun engem gemaach ginn. Et muss awer gekuckt ginn: Wat muss klasséiert ginn? Wat muss zrëckbehale ginn? Wat kann zerstéiert ginn? An also mussen déi personell a finanziell Moyenen iergendzousch trotzdeem existéieren. Dat ass d'ailleurs eng Fro, den Här Fayot huet se virdrun och nach opgeworf, déi dacks an dësem Kontext gestallt gëtt, an e Problem, op deem higewise gëtt, dass d'Nationalarchive wirklech déi néideg Moyene kréien, fir d'Aufgaben aus dësem Gesetz ze meeschteren.

Dohier si mer der Meinung, dass, wann de System elo emol bis leeft an et besser ze iwwerblécken ass, wéi eng Moyene genoe fir déi ganz Aarbecht néideg sinn, nach eng kéier muss iwwer eng méi verlichtend Haltung fir all d'Gemengen nogeduecht ginn, quitte dass een dann och do virgesäit, dass d'Gemengen déi néideg Moyenen och kréien, well all déi Argumenter, wisou d'Archivgesetz néideg ass, déi sinn och richtig bei de Gemengen. Do ännert a mengen Aen d'Gemengenautonomie och näischt drun.

Och d'politesch Parteie gehéieren allerdéngs zum demokratesche Prozess derzou. Och si missten eigentlech vun dësem Text couvéiert sinn. Si sinn net an der Definitioun virgesinn, mä ech maachen dann en Appell un Iech alleguerten, e bësse responsabel domadder ëmzegoen.

déi gréng hunn zum Beispill virun e puer Joer extern eis hëllef gelooss, fir an eisen Archiven den Tri ze maachen. Déi sinn och un d'Nationalarchive weidergaangen, dat, wat sënnvoll ass. An ech mengen, dass och d'parteiliches Aarbecht absolutt zum demokratesche Prozess, zu der Geschicht derzougehéiert. Et ginn och Beispiller vu Politiker, déi perséinlech Archiven esou eraginn hunn. An et wär wichteg, wann och d'Parteien hei déi Verantwortung géifen iwwerhuelen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Dann och de Punkt vun der Steierverwaltung. Och hei ass et par rapport zum initialen Text e grouse Fortschritt, dass d'Dokumenter vun der Steierverwaltung net aus dem Champ d'application eraus sinn, dat heescht, dass déi Dokumenter net zerstéiert ginn. E Bemoll ass allerdéngs, dass eng Ausnameregulung virgesinn ass, ab weini dës Dokumenter kënnen consultéiert ginn.

Am Prinzip huet een Zougrëff op d'Dokumenter, wann dës bis an den Archive sinn. Ausname gëtt et verständlecherweis fir alles, wat mat der Sécherheet vum Land ze dinn huet oder den externe Relatiounen. Hei sinn et 50 Joer. Idem fir Gerichtsaffären an Dokumenter, wou de confidentielle Charakter vu kommerziellen an industriellen Informatiounen a Gefor wier. Fir alles, wat ënnert de Secret fiscal awer fält, do sinn et 100 Joer. Dat heescht, zu Lëtzebuerg ass nach ëmmer näischt méi geheim wéi de Secret fiscal.

Op meng Nofro hin an och well de Statsrot a sengem leschten Avis d'Fro opgeworf hat, wat dann elo déi Différence de traitement géif justifiéieren, krute mer eben eng Äntwert vum Ministère, wou dann erkläert gëtt, ënner anerem: «(...) les archives publiques couvertes par le secret fiscal nécessitent une protection accrue par rapport à d'autres renseignements individuels relatifs à la vie privée. En particulier, le délai de cent ans se justifie par le fait que les informations en question se rapportent non seulement à la personne directement concernée, mais par ricochet à un groupe élargi de personnes, dont notamment les parents ainsi que les enfants et petits-enfants.»

An dann dee leschten, déi lescht Erklärung - den Här Fayot hat dat och scho virdrun ugeschwat -, dat ass déi, dass an internationale Konventiounen dat eigentlech e bësse gefuerdert wier: «Les sujétions internationales et européennes découlant des règles applicables à l'échange de renseignements sur demande et automatique en matière fiscale, qui imposent une stricte confidentialité des procédures et échanges entre autorités, s'opposent en principe à rendre les documents correspondants accessibles au public.»

Wann een dëst alles liest, kéint ee mengen, et géif hei nëmme ëm Privatpersounen goen. Dat ass jo awer net de Fall. Och Entreprisë falen dorënner. Do ass et also net d'Ve intime, déi concernéiert ass, an och net d'Enfants an d'Petits-enfants. Dobäi dierf een och net vergiesse: Och d'Informatiounen - de Rapporteur hat dat am Detail erkläert - iwwer Privatpersounen sinn eng länger Zäit net öffentlech. Wat d'Finanzsituatioun vu Persounen ubelaangt, esou

ass schonn am Gesetz en Delai vu 25 Joer virgesinn, nom Dout vun der Persoun, iert dës Donnéeë kënnen öffentlech gemaach ginn. Och hei gëtt keng Rücksicht op d'Ierwe geholl.

Wat d'international Relatiounen ugeet, do hunn ech mech gefrot: Okay, mä wéi ass et dann am Ausland geregelt? Am franséische Gesetz gëtt et keng Ausnam zu dësem Punkt, an am däitsche Gesetz fält d'Steiergeheimnis ënner eng generell Schutzbestëmmung vu 60 Joer. Dat Argument ass also a mengen Aen och e bësse schwéier nozevollzéien. An onsen Ae kéint op dësem Punkt eng Harmoniséierung vun den Delaien iergendwann virgesi ginn.

Dat verhënnert awer net, dass mer absolutt averstane si mat de Grondiddie vun dësem Text, deem d'Opaarbechtung vun onser Geschichte an d'Transparenz vun onsen Decisiounen stäerkt. An ech gi ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci der Madamm Tanson. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Madamm President. Och e grouse Merci un den Här Bauler fir eng héichinteressant an akribesche Recherche, mat där e säi Rapport eigentlech ageleet huet, fir eis an dës Matière anzeféieren.

Mir begrëssen ausdrécklech, dass mer elo en Archivgesetz hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech mengen, d'Virriedner hunn alleguer erkläert, firwat dat wichteg ass. An ech wëll dat elo net nach eng kéier widderhuelen. Och schlësse mir als ADR eis ganz gär deenen un, déi soen: „Et gëtt héich Zäit, dass de Projet vun engem Gebai fir d'Archiven och realiséiert gëtt.“ Ech mengen, och do ass jiddwereen heibannen domadder d'accord. Et geet drëm, eist kollektiiv Gediechtnes vun dësem Land, vun eisen Institutionen, Administratiounen an esou weider ze fleegen a fir d'Nowelt ze sécheren an och ze verschaffen.

Mir haten eis awer eng ganz Rei Froe gestallt, wou mer dësen Text gelies hunn, wéi och aner, mä mir komme vläicht och zum Deel zu anere Konklusiounen.

Dat Éischt ass déi Notioun vun „Archiv“ selwer. Am Gesetz steet eigentlech, et ass en „Ensemble de documents“, mä ech mengen, déi éischt Phas, fir en Tri ze maachen, deem éischten, deem en Tri mécht: „Wat ass eigentlech derwäert, fir gehalen ze ginn, oder net derwäert, fir gehalen ze ginn?“, dat ass deem, deem dermat schafft.

Et misst also eigentlech gesot ginn: En Archiv, dat ass en „Ensemble de documents“, awer déi mat der Intentioun ugeluecht ginn, fir och gehalen ze ginn, fir conservéiert ze ginn. Net all Dokument ass derwäert conservéiert ze ginn. An deem éischten Tri gëtt gemaach vun deem, dee mat engem Dokument schafft. Ech mengen, dat ass einfach d'Realitéit vun der Verwaltungsarbecht.

Dann hu mer eis och gewonnert, dass Kierch a Stat hei e bëssen an een Dëppe gehäit goufe vun enger Regierung, déi sech awer elo breet mat Broschüren iwwerall, dass se d'Trennung vu Kierch a Stat realiséiert huet. Hei gi global d'Relioungsgemeinschaften, d'Archive ginn als „Archives publiques“ tituliert an duerno gëtt gesot: „Se hunn awer all Derogatiounen.“ Ass dat eng Demande gewiescht vun de Culen hei am Land? Firwat gëtt dat esou gemaach? Et wier interessant, fir dat ze wëssen.

Natierlech soll de Stat eng Hand bidden a soen: „Wann Dir Hëllef braucht, fir Är Archiven ze stockéieren, wann Der eng Hëllef braucht, fir se opzereeden, fir den Etat civil an och nach aner wichteg Dokumenter ze fleegen, da si mir do, fir Iech ze hëllefen.“

Mä déi Demarche hei ass awer u sech als Éischt eng vun der Appropriatioun an dann eng vun der Derogatioun, wou de Stat praktesch souverainement decidéiert, wat mat den Archive vun de Culté soll geschéien. Ass dat op Demande vun de Culté geschitt? Oder wéi definéiert dann do de Stat säi Verhältnis zu de Culen?

Dann e bëssen en onglécklechen Ausdruck ass dat, wat soll mat den Archive geschéien oder mat där Kollektioun vun Dokumenter, wa se um Enn vun hirer Nützlechkeet, hirem Verwaltungsprozess ukomm sinn. Hei steet den „Sort final“. En anere Begrëff wär vläicht besser gewiescht. Mä op jidde Fall geet et ëm eng Decisioun, ob dann en Ensembl vun Dokumenter soll gehalen oder deeselwechten Ensembl komplett soll zerstéiert ginn.

Et gëtt och do e Mëttelwee. Et gëtt och do eng Méiglechkeet, fir ze differenzéieren a fir ze soen: Dealer hale mer an Dealer hale mer net.



Natierlech stellt dat Gesetz hei enorm Erausforderungen un d'Verwaltungen, fir sech och mat qualifiziertem Personal ze dotéieren an den nächste Joren. Dat därf een net ënnerschätzen. Mä och technesch. Ech mengen, kuckt eleng, wat an deene leschte puer Joer geschitt ass! Virun 30 Joer gouf et nach Magnéitbänner a riseg Këschten, mat deene mer geschafft hunn. Alles dat muss jo och iergendwéi op aner, méi modern elektronesch Mëttelel iwwerschrivwe ginn, et kann ee jo net all déi Maschinnen halen. Do muss een och e Wëssen hunn, fir domadder ëmzegoen.

Dat heescht, dee Konzept vun Archiv, dee kritt eng ganz technesch Dimensioun niewent deem reng Dokumentareschen, fir alles dat kënne weider opzebereeden, wat mer un Daten an deene leschte Jorzéngte gesammelt hunn. An och dat ass en Aspekt, deen een net därf vernoléissegan niewent deem dokumentareschen, archivareschen oder deem museal-techneschen, dee muss mat beduecht ginn.

Mir hunn eis och e bësse gewonnen iwwert den Émgang mat de klasséierten Dokumenter. Et gëtt zwar wuel Garantien hei an deem Gesetz, déi awer nëmmen de SREL betreffen. Och d'Armée, och d'Police hunn emol esou Dokumenter. D'Police ass zum Beispill hei och fir d'Lutte antiterroriste mat zoustänneg. Et ass alt erëm eng Kéier an deem Text ze liesen, wat mer och a villen aneren Texter vun dëser Regierung gesinn hunn: Et ass e bëssen e laschen Émgang mat deem, wat d'national Sécherheet ugeet, a mat eiser Sécherheet. Mir hätten eis do gewënscht, datt méi e seriöen, méi e fundéierten Émgang domadder gefleegt gi wär.

Derogatiounen gëtt et eng Partie. Mä hunn all déi, déi vun Derogatiounen hei profitéiere mat deene verschiddensten Argumenter, och déi Moyenen, fir wierklech domat ëmzegoen, den Institut grand-ducal an anerer? Solle mer deenen hëllefen? Si se Demandeur dofir? Et kann ee sech froen, wéi wäit dat an der Praxis ëmgesat ka ginn.

Grouss Suerge maachen eis d'Perséinlechkeetsrechter. Mir sinn an enger Zäit, wou mer ëmmer erëm konfrontéiert si mat deem Wonsch vun enger totaler Transparenz. Jiddweree wëllt alles wëssen iwwer jiddwereen, iwwer alles, wat an de Verwaltunge geschitt. An dat ass e Problem. Et ass e Problem, net nëmme fir den Émgang domadder ze definéieren, mä och fir déi Konfliktfelder ofzesteechen tëscht dem Wonsch no Transparenz a Wëssen, deen zum Deel natierlech och justifiéiert ass, an deem genausou justifiéierten Interessi vun de Leit, fir hir Privatsphär dierfen ze schützen.

A wa mer elo hei vun Archive schwätzen, da muss mer och un déi Diskussioun iwwert den Internet denken een Abléck. Do ass ganz laang gestridde ginn iwwert den Droit à l'oubli zum Beispill. Ee Mënsch, dee fir sech dat Recht beusprocht, dach dierfen aus dem Internet ze verschwannen, ass dann net en Droit à l'oubli iergendwéini och eng Kéier e Sujet fir Archiven?

Wa mer engem Mënsch d'Recht ginn, net méi consideréiert ze ginn, wéi wäit geet dat? Ass dat just fir den elektronischen Deel vum Archivage, vun deem, wat mer haut als sozial Medien oder esou betruechten? Oder gëtt et net och eng dokumentaresch, archivaresch Dimensioun, wa mer dat Recht dann engem Mënsch ginn, datt en och do ka vergiess ginn? Dat ass eng oppe Fro. An dat wäert och eng Diskussioun ginn, déi wahrscheinlech eng Kéier geféiert gëtt.

Awer méi schlëmm ass hei an deem Gesetz och den Émgang (veuillez lire: de Prinzip), wéi mer mat deene Leit ëmginn, déi am ëffentleche Liewe stinn. Hei gëtt et Ausnamen zum Schutz vun der Privatsphär. Sinn déi justifiéiert?

Am Text steet, den Direkter vun den Archive kann déi Decisioun huelen, wann een eng Demande mécht, fir eng Recherche oder en Travail scientifique ze maachen iwwer eng bestëmmte Persoun, déi am ëffentleche Liewe steet, datt dat scho kann zu senge Liefzäite gescheien. Woubäi ee muss feststellen, datt bei Recherche ou travail scientifique den „scientifique“ keen S huet, dat heescht, dat kann eng Recherche sinn, même non scientifique d'après le terme de la loi.

Dofir muss een och kucken: Wat gëtt hei gefrot? Am Rapport gëtt zum Beispill eng Biografie zitéiert. Wann ech also elo wëll eng Biografie iwwer e Mënsch, e liewege Mënsch, deen am ëffentleche Liewe steet, schreiwen, dann hunn ech d'Méiglechkeet, an deem seng privat Dossierer erunzekommen, am Gesetz steet, wann dat keng exzessiv Verletzung vu senger Privatsphär ass.

Wien decidéiert dat? Wie seet, wat eng exzessiv Verletzung vu mengem Privatliwien ass? Dat kann dach nëmmen dee Betreffene selwer maachen. Mä dee Betreffene selwer muss dat

hei net maachen. Et geet duer, wann deen, deen déi Demande mécht, kann den Interêt public erklären.

Mir hunn also hei eng lieweg Persoun, déi an der Effentlechkeet steet, där hiert Privatliwue kann ëffentlech ausgepaakt ginn, wann iergendeen, deen eng Recherche oder eng Biografie wëllt schreiwen, wéi et am Rapport heescht, en Interêt public justifiéiert. Dat geet ze wäit! Ech mengen, och eng Persoun, déi am ëffentleche Liewe steet, huet e Recht op eng Privatsphär, an déi solle mer schützen.

Et ass eng Décision administrative, also misst e Recours méiglech sinn d'après le droit commun. Iwwer eng Recoursméiglechkeet géint déi Decisioun vum Direkter vun den Archive steet näischt am Gesetz. Si muss awer do sinn. Selbstverständlech muss eng Persoun sech kënnen dergéint wieren, datt seng Privatsaachen an d'Effentlechkeet gedroe ginn, well dann iergendee mengt, dat wär néideg.

Eng aner Lacune an deem Gesetz, dat ass déi diplomatesch Dimensioun, déi mer an der leschter Zäit méi dacks hei an der Chamber diskutéiert hunn. Mir hunn eng Rei diplomatesch Archiven zu Lëtzebuerg, déi net eis national sinn. Mir hunn déi vun der Westeuropäescher Unioun, mir hunn der vum europäesche Patentamt, mir hunn der vun Estland. Et wär sécher net schlecht gewiescht, fir ze iwwerleeden och am Kader vun engem Archivgesetz, ob net extra Dispositiounen sollten dat begleeten, wat mer an internationale Konventiounen mat deene Länner oder mat deenen Institutionen ofgemaach hunn.

Eng lescht Kategorie vun Zweifel a Froen, déi mer eis stellen, ass déi vun den Delaien. Et ass an eisen Aen net normal an net normal fir eis - fir dës Regierung ass et et anscheinend awer -, datt mer déi Delaie vun der Publikatioun vu geheimen Dokumenter, déi déi national Sécherheet betreffen, op deeselwechten Niveau stelle wéi d'Publikatioun vu kommerziellen an industriellen Donnéeën. Dat weist alt nees eng Kéier dee ganz laschen, irresponsablen Émgang mat sensibelen Informatiounen, deen dës Regierung huet.

Wann ech sollt zesumme faassen, da soen ech nach eng Kéier, datt mer et als ADR daitlech begrëssen, datt mer dëst Gesetz hunn. Mir hätten et gär gestëmmt. Awer wéi kënne mer e Gesetz stëmmen, wat op wichtige Punkte wéi eiser nationaler Sécherheet a virun allem och dem Schutz vun der Privatsphär vun de Bierger esou schwéier Verletzungen, esou schwéier Lacunen huet? An dofir wäerte mir eis bei deem Gesetz enthalen an et gär esou séier wéi méiglech eng Kéier erëm op de Leescht huelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. „Wien net weess, wou en hierkënt, dee weess och net, wou en hiegt.“ Dat ass schonn e puermol virdru gesot ginn. Dat ass, mengen ech, e ganz wichtige Prinzip, firwat mir och mengen, datt dëse Projet, dësen Text vun enger enormer Wichtigkeet fir eist Land ass an datt mer mat engem gewëssene Retard als eent vun deenen éischter leschte Länner an Europa eis een eegent Archivgesetz ginn.

A mir mengen awer, datt dat, ouni Iwwerdreiwung, fir e Land, wat dat mécht, en definitiv historisches Moment ass, well et ass och eng wesentlech Etapp an deem, wat ee kann en Nation-Building-Prozess nennen, well et sinn d'lerwen an d'Iwwerliwwerung vun enger Gesellschaft, déi sech an hiren Archiven erëmfannen. D'Archive sinn an engem gewëssene Sënn de Krou, an deem sech d'Mémoire collective vun engem Land befënt. Ouni Archive keng Geschichtsfuerschung an also och keng Geschichtsschreiwung.

Elo ass et awer net esou, datt et hei am Land keng Archive géife ginn, ganz am Géigendeel. Mä haut stëmme mer fir d'Éischt an der Geschicht vun eise Land e Gesetz, wat verbindlech Regele festleet, wéi archivéiert gëtt, wat et ze archivéiere géllt, wien ze archivéieren huet, a virun allem, wéi dës Archive kënne consultéiert a benotzt ginn, well dorunner huet et eis an der Vergaangenheet gefeelt, en Archivgesetz an domat verbonnen och eng Archivkultur, besonnesch do, wat d'Kärstéck vun deem Text ass, beim Stat a sengen ënnerschiddlechen ëffentlechen Institutionen.

An der Vergaangenheet ass et ëmmer nees erëm virkomm, datt wichtig ëffentlech Dokumenter verschwonne sinn oder, schlëmmer nach, zerstéiert goufen. A souwuel den Här Fayot wéi d'Madamm Tanson hunn dovun och ganz andrécklech Beispiller genannt.

All Kéiers an der Vergaangenheet, wann eng Staatsverwaltung geplënnert ass, huet ee misse fäerten, datt Dokumenter ewechgehait ginn, zum Deel aus praktesche Grënn wéi Plazmangel, zum Deel aus Kommoditéitsgrënn. D'Kritäre waren dacks ganz arbiträr. Dëst ännert elo. Mat den Tableaux de tri, déi all Verwaltung an deenen nächste siwe Joer opstelle muss, gëtt eng Logik an dem Gebrauch vun Dokumenter agefouert, déi se virun der willkürlecher Handhabung schützt. D'Dokumenter vun de Staatsverwaltungen ginn no hirem administrative Gebrauch, deem Tableau de tri entspreichend an d'Nationalarchiven iwwerféiert a repertoriéiert.

Domat héiert och eng aner Praxis aus der Vergaangenheet op, nämlech datt Beamten oder Responsablen Dokumenter einfach mat heem geholl hunn, aus wéi enge Grënn och ëmmer. Heimadder gëtt dat ënner Strof gestallt, grad esou wéi onzouläseg Zerstéierung vun Dokumenter. A wie weess, vläicht tauche jo no Akraafttriede vun deem Gesetz och nees verluere gegleeften ëffentlech Dokumenter op, déi Privatpersounen matgeholl hunn, fir se just virun der muttwëlleger Zerstéierung ze schützen.

Vun deem Transfer an d'Nationalarchiven ausgeholl sinn awer Institutionen wéi d'Chamber, d'Gerichter, den Haff, awer och d'Établissement-publicken an d'Culten, déi jo Établissement-publicke sinn, déi alleguer hir eegen Archive féieren, entspreichend den Dispositiounen vun dem Gesetz. Eng Ausnam heizou maachen d'Gemengen, eppes, wat mir ausdrécklech bedauern. Ennert dem Virwand vun der kommunaler Autonomie fale si net ënnert déi meeschten Obligatiounen vum Gesetz. Si kënnen hir Archive weider no Gutsdünke verwalten, dat heescht mat méi oder manner grousser Suergfalt. Si si just un déi vag Bestëmmungen aus dem Gemeengesetz gebonnen. Si kënnen zwar Kooperatioun mam Nationalarchiv agoen, mä och dat ass just fakultativ.

Deen eenzege Garde-fou, an dat ass awer ze begrëssen, an deem Text ass, datt d'Gemenge keng Dokumenter einfach esou zerstéieren dierfen, ouni den Accord vun der Direktioun vun den Nationalarchiven ze hunn. Ech denken awer, datt an deenen nächste Joren d'Archivgesetz an deem Punkt muss nogebessert ginn an och bei de Gemenge verbindlech Regele gëlle mussen, well och an de Gemengenarchive befanne sech ganz wesentlech Informatiounen a si stellen eng wichteg Informationsquell fir d'wëssenschaftlech Recherche duer.

Här President, ech kommen awer elo op dee Punkt, deen och verschiddener vu menge Virriedner ugeschwat hunn an deen an de vergaangene Woche fir vill Diskussiounen gesuergt huet, nämlech dee vum Zougang zu den Dokumenter.

De Prinzip ass deen, datt all Dokument, dat an d'Nationalarchiv transferéiert an do repertoriéiert gëtt, prinzipiell consultéierbar ass. Wann dat den Haaptprinzip ass, esou géifen dozou awer verschidden Ausname vu bestëmmte Verjärungsfristen oder Verjärungsregele gëllen. Dat ass engersäits 25 Joer nom Doud vun enger Persoun, wann an deenen Dokumenter sensibel Informatiounen sinn iwwer säi Privatliwien, iwwer seng finanziell Situatioun oder och iwwer seng politesch oder gewerkschaftlech Appartenance, awer och iwwer - wat weess ech? - seng sexuell Orientéierung. Do géllt de Prinzip, datt dat eréischt 25 Joer nom Doud vun enger Persoun ëffentlech gëtt. Dat ass also eng Verjärungsfrist.

An eng zweet, déi läit bei 50 Joer fir Dokumenter, bei deenen et ëm d'national Sécherheet geet, ëm d'Präventioun vu Crimen oder verdraulech kommerziell oder industriell Informatiounen.

An och dem Här Kartheiser kann een do vläicht antworten: Wat d'national Sécherheet ugeet, gëtt et eng zweet Konditioun, nämlech datt déi Dokumenter musse virdrun deklassifizéiert sinn, soss kënne se och net public gemaach ginn.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat weess ech!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Dir hutt awer eng Fro gestallt, wou ech geduecht hunn, Der hätt vläicht deen Absatz iwwersprongen, duerfir hunn ech lech schonn emol drop geäntwert.

Bon, dat si Verjärungsfristen, déi sënnvoll sinn, déi Dispositiounen duerstellen, déi een och an anere Länner op déi doten oder op vergläichbar Aart a Weisen huet. Speziell hei ass awer, datt Dokumenter, déi d'Steiergeheimnis betreffen, an där éischter Fassung vum Gesetz op Drock vum Finanzministère net sollten ënnert d'Dispositiounen vun deem Gesetz falen, dat heescht, net sollten transferéiert ginn an d'Nationalarchiven an domat verbonnen och eigentlech net sollte consultéiert ginn, also och net zougänglech sollte sinn.

An der Chamberskommissioun ass et eng ganz, ganz breet Majoritéit gi vun Deputéierten, déi sech eens waren, datt dës Dispositiounen awer ganz extraordinär wieren, voire souguer am Fong geholl onméiglech. An och de Verrieder vun der CSV huet an där Kommissiounssëtzung gesot, datt dat eigentlech esou net hinzehuele wier, datt déi Dokumenter net sollten transferéiert ginn. An et hätt eigentlech bedeit, datt d'Steiergeheimnis quasi op all Éiwegkeet a fir all Zukunft zementéiert gewiescht wier, an domat d'wëssenschaftlech Fuerschung iwwer eis Wirtschaft a Sozialgeschicht quasi onméiglech gemaach gi wier.

Doropshin huet de Finanzministère op déi éischt grouss Reaktioun vun de Memberen aus der Chamberskommissioun reagiert an en Argumentaire entwéckelt, deen och virdrun ugeklongen ass, deen eigentlech doranner besteet, datt d'Steiergeheimnis no der Abgabenuerdnung onverletzlech wier an datt Beamten, déi dat géifen an d'Nationalarchiv weiderginn, sech entspreichend der Abgabenuerdnung quasi géife strofbar maachen, wa se dëst maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Bon, doropshin ass et an der Effentlechkeet zu engem kuerzen awer duerchaus heftege Kreesch komm, notament ënner Historiker, Archivisten, awer och an der Press. An doropshin huet de Ministère en neien Delai erfonnt, wat d'Dokumenter ugeet, déi ënnert d'Steiergeheimnis falen, an dat ass deen Delai vun 100 Joer. An och do waren an der Kommissioun erëm Diskussiounen, well eng ganz Rëtsch Verrieder gesot hunn: „Mä dat ass dach abusiv, ze soen, datt d'Steiergeheimnis iwwert der nationaler Sécherheet steet, wat den Delai ugeet, datt dee souguer duebel esou laang géif gëlle wéi fir d'Dokumenter vun der nationaler Sécherheet.“

An hirer Haltung hunn déi Deputéiert de Sukkurs kritt vum Statsrot, vun der héijer Kierperschaft, déi och gesot huet, datt dat absolutt net nozevollzéie wier, déi doten exzessiv, abusiv Verlängerung, an deen huet och derfir plädéiert, fir eng Harmoniséierung vun den Delaien anzeféieren op 50 Joer.

An deementspriechend wëlle mir mat deenen néidegen Ennerschrëften en Amendement zum Gesetz eraginn, Här President, wat genee dat dote fuerdert, wat d'Positioun vum Statsrot erëmhëlt, nämlech eng Harmoniséierung vun deenen Delaie vu 50 Joer.

Amendement 1

Amendement concernant le projet de loi sur l'archivage

Amendement 1

L'article 16 paragraphe 2 est amendé comme suit:

«(2) Par dérogation au paragraphe précédent, le délai de communication est de cinquante ans à partir de la date du document le plus récent inclus dans le dossier pour les archives publiques:

1. dont la communication porterait atteinte aux relations extérieures, à la sécurité du Grand-Duché de Luxembourg ou à l'ordre public;

2. ayant trait aux affaires portées devant les instances juridictionnelles, extrajudiciaires ou disciplinaires;

3. ayant trait à la prévention, à la recherche ou à la poursuite de faits punissables;

4. dont la communication porterait atteinte au caractère confidentiel des informations commerciales et industrielles.

5. qui sont couvertes par le secret fiscal.

~~Le délai de communication est de cent ans à partir de la date du document le plus récent inclus dans le dossier pour les archives publiques qui sont couvertes par le secret fiscal.~~

Commentaire:

Concernant l'article 16 du projet en question, la Chambre des Députés se rallie à l'avis du Conseil d'État du 12 juin 2018 qui «propose d'harmoniser, du moins jusqu'à un certain degré, les délais de communication. Le délai de communication pour les archives publiques qui sont couvertes par le secret fiscal pourrait dès lors être fixé à cinquante ans.»

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Well et ass jo effektiv, wann ee sech dat jo an der Praxis virstellt, ondenkbar, datt mer elo quasi misste waarde bis 2028, 2029, bis mer kënne wëssenschaftlech Recherche maachen iwwert d'Weltwirtschaftskris vun 1928. Do



misste mer elo nach zéng Joer drop waarden, fir dat iwwerhaupt kënne wëssenschaftlech opzeschaffen, d’Fro, wéi ee Steieropkommes an deene Joren do war, wéi eng Kategorie vu Populatioun, wéi eng Gesellschaftsschichten.

Dat ass alles an eisen Ae bei Wäitem abusiv. An duerfir hu mer dat doten Amendement eraginn. Mir gesinn eis do zesumme mam Statsrot a mer mengen, datt et wichteg wier, wann et ugeholl géif ginn, well et en Amendement wier, wat och net alt erëm eng Kéier dobausse géif den Androck maachen, wéi wann hei zu Lëtzebuerg d’Steierparadäis iwwer alles géif priméieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An d’Wuert huet elo de Statssekretär am Kulturministère, den Här Guy Arendt.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d’État à la Culture*.- Här President, ech fueren dann och viru mat de Mercien. Decidement hu mer eis mat deenen haut!

Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus der Chamber, ech begréissen natierlech déi quasi unanime Zoustëmmung zu dësem Gesetz, wat wirklech e wichtegt Gesetz ass an eiser Lëtzebuergger Gesellschaft. Et ass schonn e puermol ugeklongen, an ech wäert och nach kuerz dorobber agoen.

Mä erlaabt mer fir d’Alleréisch, mat engem Zitat vum Philippe Bélaval, dat ass den Directeur honoraire vun den Archives nationales aus Frankräich, unzefänken! An dee seet: «L’archive est un trésor dont la détention ou la consultation recouvrent des enjeux déterminants pour le fonctionnement de la société. L’archive est avant tout le reflet direct de l’activité, sur une période déterminée, d’un groupe humain, d’une institution, d’une société, d’une entreprise: elle tend en permanence un miroir, qui permet de lire, sans le travestissement de la création littéraire ou artistique, même s’il faut toujours l’interpréter avec précaution, l’évolution des mentalités (...) et des structures sociales. Elle se trouve investie, de ce fait, d’une forte dimension identitaire.» Enn vun der Citatioun.

Ech soen lech näischt Neits, wann ech soen, dass de Projet de loi, deen eis haut beschäftegt, eis Archive betrëfft, eng Matière, déi bis elo, an dat ass schonn e puermol ugeklongen an de verschiddenen Interventiounen... An iwwregens, Klammer op, ech géif all den Intervenanten och e ganz, ganz grouse Merci soe fir déi sachlech a flott Diskussioun, déi mer elo haut de Mëtteg hei haben.

Mä, wéi gesot, et ass eng Matière, déi hei zu Lëtzebuerg net déi Beuechtung kritt huet, déi se eigentlech verdéngt. Mir hunn et e puermol schonn héieren, d’Archive bilden nämlech d’Mémoire fir e Land, an et sinn och nëmme gutt geréiert Archiven, déi eng onofhängeg Geschichtsschreiwung erlaben.

An dësem Sënn ass dëse Projet de loi iwwert den Archiwe immens wichteg, wann net souguer batter néideg, well Lëtzebuerg, am Géigesaz zu aneren europäesche Länner, a wéi wéineg aner europäesch Länner, kee komplette legislativ Kader an deem Domän bis elo hat.

Dofir sinn ech och frou, dass dës Regierung dee Projet konnt deposéieren an och, wéi gesot, nach matzäit zum Schluss konnt iwwert d’Bün kréien hei an der Chamber. An deem Sënn ass de Projet de loi also och e grouse Schrëtt an d’Richtung vun engem méi modernen an transparente Stat, esou wéi dës Regierung dat virgesinn huet an hirem Regierungsprogramm. Den éischte Steen soll mam Vott vum Archiwegesetz geluecht ginn an deen nächste Schrëtt a Richtung méi Transparenz ass de Vott deemnächst, ech menge souguer déi nächst Woch, vum Projet de loi iwwer eng Administration transparente et ouverte.

De Projet de loi iwwert den Archiwe geet och Hand an Hand mat dësem Gesetz fir eng Administration transparente et ouverte, well gutt geféiert Archiven an enger Verwaltung et erlaben, dass si méi séier an einfach dem Bierger d’Dokumenter, déi en ufreet, kann aushänegen. Ausserdeem wëllt Lëtzebuerg Virreider sinn, wat den Archiwe électronique ugeet, an huet duerfir e legale Kader adoptéiert. Et géif also net passen, wa mer engersäits de Secteur vum Archiwe électronique an der Privatwirtschaft wëilten developpéieren an anerersäits de Stat sech keng Archivregele géif ginn.

En anere ganz wichtige Volet, deen haut eigentlech nach net zur Debatt war, ass, dass

dëse Projet de loi déi néideg Mesurë virgesäit fir d’Mise en œuvre vun dem europäeschen Dateschutzreglement fir den Archivberäich. Den Dateschutzreglement gesäit effektiv vir, datt op verschiddene Rechter vun enger befäiner Persoun dierfen Derogatiounen fir d’Archiv-institutionen an nationalem Recht festgeluecht ginn.

E Beispill, wat een doraus erhiewe kann, ass d’Recht, datt eng Persoun dierf ufroen, fir hir perséinlech Daten ze verbesseren. Dëst kann ee sécher awer net bei Archivdokumenter, déi wéinst hirem authentische Charakter net kënne modifizéiert ginn, soudatt d’Archiwegesetz virgesäit, datt, wann eng betrafte Persoun ka beweisen, datt an engem Archivdokument falsch Saache stinn, si eng Déclaration contradictoire am Archiv kann ofginn, déi dann no Ofafe vun de Schutzfristen de Chercheuren och kann zougängelech gemaach ginn.

Do wéilt ech vläicht och op verschidde Remarke sprangen, wat den Internet betrëfft, Droit à l’oubli. Ech mengen, dat ass hei am Archiv definitiv net op der richteger Plaz. Ech wëll awer och soen, dass de Projet de loi, deen hei virläit, och vun der CNPD voll gedroe gëtt. Dat heescht, dem Volet vun de perséinleche Rechter, dem Privatliwen, an dem Respekt vun deene Rechter, deem ass hei zur Genüge Rechnung gedroen, well d’CNPD wirklech dee Projet guttgeheescht huet.

Ech wéilt awer och nach gären drop hiweisen, dass duerch d’Obligation de versement vun effentlechen Archiven, déi an dësem Gesetz virgesi sinn, en Zoufloss vun Dokumenter kënnt an dofir den Nationalarchiv en neit Gebai brauch. Et ass schonn e puermol ugeklongen an deene verschiddenen Interventiounen, dass d’Gebai wirklech en nächste Schrëtt an deem Gesetz hei ass.

Ech hunn och scho gesot an ech mengen, d’Datumme sinn och scho genannt ginn, d’Regierung huet am Mee 2016 festgehalen, en neit Gebai fir den Nationalarchiv op Esch-Belval ze baue fir e Budget vun ongeféier 40 Milliounen Euro. Zënterhier ass, wéi gesot, de Fonds Belval amgaangen, un deem Projet ze schaffen, zesumme mat de Responsabele vum Nationalarchiv.

Den Architekt huet de 15. Mee, also viru bal zwee Méint, en Avant-projet sommaire ofginn a schafft elo um Avant-projet définitif, dee fir Mëtt November soll fäerdeg sinn. An da kéint den Nationalarchiv an ongeféier sechs Joer - et kann ee sech ni festleeën - op Esch-Belval plëneren.

Et ass natierlech keen einfacht Gebai. Et waren e puer Iwwerleeungen, déi nach matagefloss sinn. An dofir huet u sech dee Projet e beselche méi laang gedauert wéi geplangt.

Kuerz, de Secret fiscal - ech mengen, de Finanzministère huet do en Argumentaire ginn. Et geet hei ëm d’Rechter vu Privatpersounen, an net nëmme vun enger Persoun, mä vun Eltere respektiv vu Kanner, an dofir vun dem Contribuable. Dofir ass awer..., de Secret fiscal huet jo awer eng gewësse Stärkt, am Sënn, dass en d’ordre public ass an dass dofir déi Frist vun 100 Joer u sech awer ugepasst ass. An ech wäert sécherlech net agoen op deen Amendement, dee vum Här Baum presentéiert ginn ass. Mir bleiwe bei deem Text, dee mer hei elo virleien hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Statssekretär, erlaabt Der eng kuerz...

(Interruption et hilarité)

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d’État à la Culture*.- Jo, ech ralliéiere mech just net. Also, voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Kartheiser wollt eng Fro stellen.

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d’État à la Culture*.- Jo.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. An och Merci, Här Statssekretär, dass ech lech déi Fro dierf stellen. Et geet ëm déi Archiven, déi Der wëllt bauen, ëm d’Gebai.

Archiven, Dir sot et selwer, si ganz komplizéiert. An de Volumen, iwwert dee mer schwätzen, dee wüsst dauernd. Elo sot Der 40 Milliounen, dat, wat lech erlaabt eigentlech, e Projet ze maachen, ouni duerch dëst héicht Haus ze goen, ouni Gesetz.

Ech froe mech, an dat kënnt Der eis vläicht erklären: Wat ass dann d’Ambitioun, fir e Statsarchiv fir 40 Milliounen ze bauen? Wat soll dat bréngen? A geet dat Gebai dann Ärer Meeung no duer, fir all deenen Aufgabe gerecht ze ginn, déi sech elo am archivaresche Beräich wäerte stellen?

Ech soen lech Merci.

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d’État à la Culture*.- Ech kann lech dorobber ganz kuerz äntwerten. D’Archivgebai, déi Planifikatioun

gëtt ganz, ganz enk mat de Responsabelen, mat der Direktesch vun den Archives nationales duerchgefëiert. Si huet ganz genau opgestallt, wat gebraucht gëtt, an och - evidentement - eng Projektioun an d’Zukunft gemaach, an den Avant-projet sommaire gëtt op alle Fall dat eraus, dass déi Zomm vu 40 Milliounen duergeet, fir fachgerecht en Archivgebai kënne ze bauen.

Wann ech nach kéint vläicht op déi eng oder déi aner Commentairen agoen, déi gemaach gi sinn, oder Kriticken, déi gemaach gi sinn.

D’Gemengen: Bon, ech mengen, dat ass déi berüumten Autonomie communale, wou mer wirklech eis dru gestouss hunn, wou mer awer och, dofir hu mer jo och déi Méiglechkeet gi fir d’Gemengen, dee Contrat de collaboration ze schléissen. An awer och, wat wichteg ass, dat ass, dass mir och, also d’Archiven - net mir, mä d’Archiven - sinn op alle Fall och bereet, eng Assistance de Gemengen ze ginn. Mir sinn eis bewosst, dass kleng Gemengen net onbedéngt dat Potenzial hunn, fir do kënne e fachgerechten Archiwe ze maachen. Dofir ass d’Ënnerstützung vun den Archives nationales op alle Fall och do a garantéiert.

Bei de Culten, fir elo nach op déi Fro och ze äntwerten, dat war eng Demande eigentlech vun dem Culte, vum kathoulesche Kultus, mä déi kënne jo natierlech och eng Assistance ufroen.

De Corps diplomatique: Diplomatesch Dokumenter am Allgemengen, Konventiounen an anerer, do kann ech soen, dass de Ministère des Affaires étrangères, dass déi systematesch déi Dokumenter archivéieren, dass also do keng Gefor ass, dass do e Konflikt kënnt.

Wat elo de SREL betrëfft, wat déi al Dokumenter betrëfft, do ass jo per Gesetz den Archiwe regléiert ginn. An déi nei Dokumenter, déi elo kommen, do ënnersteet natierlech de SREL oder de SRE dem Text. E muss also en Tableau de tri maachen an e muss d’Dokumenter verséieren. Also, ech mengen, dat si Kriticken, dorobber wollt ech awer nach kuerz äntwerten.

An dann, fir ofzeschléissen, sinn ech der Meeung, datt mer mat dem Vott vun dësem Projet de loi en historesche Schrëtt maachen - dat ass vu verschiddenen Intervenanten och scho gesot ginn -, well mer domadder e Kader schafen, fir e kompetent a performant Archiv wiesen, op dat e moderne Stat sech muss kënne verlossen. Nëmme esou bleiwen d’Rechter vum Bierger geséiert an nëmme esou bleift och dem Bierger säi Recht op en demokrateschen an transparenten Zougank zur Informatioun garantéiert.

Fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg ass et wichteg, seng Mémoire a säin historesche Räichtum um Liwen ze halen, fir seng Geschicht a seng Souveränitéit an de Vierdergrond ze stellen. Eng Conservatioun, esou wéi et sech gehéiert, ass noutwendeg, wa mir en demokrateschen an transparente Stat wëlle sinn a wa mer wëllen, dass dee Räichtum och nach deenen zukünftege Generatiounen zur Verfügung steet.

Ech géif lech Merci soen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun eisen Debatten iwwert de Projet ukomm.

Amendement 1

Mir si saisiéiert mat engem Amendement vun der Sensibilitéit déi Lénk. Ech mengen, den Amendement ass en long et en large virgestallt ginn. Et geet drëm, am Artikel 16 Paragraf 2 e Punkt 5 bäizesetzen an de leschte Saz ze sträichen. Ech géif dann den Amendement direkt zur Ofstëmmung bréngen, wann net nach Bemerkungen dozou ze maache sinn.

(Interruption)

Ma dann den Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo. Merci, Här President. Ech géif elo léien hei, wann ech géif soen, dass deen Amendement do mer net um Fong sympathesch ass. Mä bon, et ass esou, dass mer elo, wéi gesot, um Enn vun dëser Prozedur ukomm sinn, dass mer dee Choix regretéiert hunn, fir déi 100 Joer elo an d’Gesetz do anzeschreiwen, dass mer awer, mengen ech, am Sënn vun der Saach deen Text elo tel quel matstëmmen.

Mä dat hënnert eis awer net drun, fir nach weider doriwwer nozedenken an och nach eng Kéier en Echange ze siche mat der Steierverwaltung quant à l’interprétation vum Secret fiscal.

Mä mir wäerten, pour l’heure, deen Amendement hei net matstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D’Madamm Tanson huet d’Wuert.

► **Mme Sam Tanson** (*déi grëng*).- Jo, ech rejoinéieren dat, wat den Här Fayot seet.

Also, nodeems wat mer gesot hunn, ass et jo absolutt evident, dass mer um Fong dat dote ganz sympathesch fannen. Et ass elo awer esou, mir sinn...

(Interruptions)

Däerf ech mäi Saz fäerdegmaachen? Merci.

Et ass awer esou, mir kruten op Nofro hi jo vun der Steierverwaltung eng Rëtsch Erklärungen, firwat dass si der Meenung sinn, dass dat net geet. Meng éischt superficiell Recherche lafen drop eraus, datt, op d’mannst wat deen drëtten Punkt ugeet, déi Argumentatioun vläicht discutabel ass.

Ech sinn awer der Meenung, dass een dat muss am Fong mat hinne kucken, genau wéi ech dat virdru gesot hunn, dass een an enger nächster Etapp muss iwwer eng Harmoniséierung vun deenen Delaien nodenken.

Mä dat kann een elo net iwwerstierzen, vu déi juristeschen Bedenken, déi si virbruecht hunn. Da fannen ech, da soll een dat och klären. Si hunn och nach en zweete Punkt virbruecht, deen och en anere Riedner nach évoquéiert hat.

Dat schléisst awer fir mech guer net aus, datt mer op där Harmoniséierung vun deenen Delaien nach ëmmer fannen, datt dat dee richteg Wee wär, wann déi Bedenken aus dem Wee absolutt geraumt sinn. Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Baum huet d’Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, ech wollt nach eng Kéier kuerz Stellung huelen.

Also, d’Diskussioun leeft jo elo zënter annerhallwem Joer. Déi juristeschen Bedenken, déi si formuléiert. Et gëtt virun allem eng aner Instanz hei am Land, déi sech och domadder ausanergesat huet, an dat ass de Statsrot, dee jo awer soss, mengen ech, eng gewësse juristesche Expertise an och e juristesche Poids huet, soudatt ech mengen, datt een duerchaus dat hei stëmme kann, besonnesch dann, wann ee seet, et wier engem sympathesch.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech mengen elo ass alles oder bal alles gesot...

(Interruptions)

...a mir géifen dann iwwert den Amendement ofstëmmen.

Vote sur l’amendement 1

Wie mam Amendement d’accord ass, stëmmt mat Jo, a wie fir den aktuellen Text ass, stëmmt mat Neen.

Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Dat ass e knappt Resultat.

(Hilarité)

Den Amendement 1 ass ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Georges Engel) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6913 et dispense du second vote constitutionnel

Da géife mer iwwert den Ensemble vum Projet ofstëmmen. D’Ofstëmmung fänkt un.

Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass eriwwer.

57-mol Jo, 1-mol Neen an 2 Abstentiounen.



(Interruption)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Entschëllegt, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ire ka jiddweree sech.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, souguer ech.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà. Dann ass et 57-mol Jo an 3 Abstentiounen. Merci. Domat ass de Projet 6913 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, wou de Rapporteur scho prett ass. Dat ass de Projet de loi 7195. Den Här Bauler huet d'Wuert.

11. 7195 - Projet de loi portant:

1° transposition de la directive (UE) 2015/2366 du Parlement européen et du Conseil du 25 novembre 2015 concernant les services de paiement dans le marché intérieur, modifiant les directives 2002/65/CE, 2009/110/CE et 2013/36/UE et le règlement (UE) n°1093/2010, et abrogeant la directive 2007/64/CE; et

2° modification de la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Digitaliséierung vum Finanzsektor huet sech an de leschte Jore staark entwéckelt. Déi nei technologesch Méiglechkeeten hu mat sech bruecht, datt eng Rëtsch nei Servicer, besonnesch am Beräich vun de sougenannte Services de paiement, entstane sinn.

Et gëtt heibäi tëschent zwou Zorte vu Servicen ënnerscheet, déi duerch Drëttubidder, also net nëmmen duerch déi klassesch Banken, offréiert ginn. Op där enger Säit gëtt et d'Services d'initiation de paiement, also Servicer, wou Ubidder fir de Client Sue vu sengem Kont iwwerweisen. Dat geschitt meeschtens iwwert eng App, déi een erofluet a mat där de Client ebe Saache bezuelen oder Suen iwwerweese kann. Mä och am E-Commerce gëtt d'Bezuelen doduerch méi einfach a méi séier fir de Client.

Op där anerer Säit ginn et d'Services d'information sur les comptes. An deem Fall kritt de Prestataire Abléck an d'Bewegunge vum Client sengem Konto an dem Client säi Kaf-an Investitiounsverhalen, awer och iwwer säi Kontostand, fir de Client esou entweder ze beroden oder him just en Iwwerbléck iwwer seng Finanzsituatioun ze ginn.

Fir béid Servicen an Usproch ze huelen, muss de Client selbstverständlech säin Accord ginn.

Dës Ubidder stinn also méi konkret als drëtt Entitéit tëschent dem Client an der Bank, déi de Konto geréiert. Fir éischstens de Schutz vum

Konsument ze garantéieren an zweetens d'Regelen, d'Sécherheetsmesuren an d'Exigenzen un déi implizéiert Akteure kloer ze definéieren, ass et noutwendeg, fir den aktuelle gesetzleche Kader ze moderniséieren an un d'Entwécklung vum Sektor unzepassen.

Ausserdeem huet e kloer definéierte Kader de weidere Virdeel, dass de Maart an deem Beräich opgemaach gëtt. D'Banke verléieren hire Monopol, wat d'Informatiounen iwwert de Clienten hir Konte betrëfft. Doduerch soll eng nei Dynamik an de Sektor kommen an den europäesche Maart verdéift ginn.

Fir deem Rechnung ze droen, gouf déi europäesch Direktiv 2015/23/66, och nach PSD 2 genannt, ugehall. Mam Gesetzesprojekt 7195 gëtt dës Direktiv haut an nationaalt Recht emgesat.

Et gi verschidde Kritäre festgeluecht, fir dass déi nei Prestataire hir Servicen zu Lëtzebuerg an awer och an der ganzer Europäescher Unioun duerch dee sougenannte Passeport européen ubidden dierfen. Si müssen zum Beispill en Agreement ufroen a bei der CSSF ageschriwwen sinn. Der CSSF hir Kompetenze ginn, wat d'Iwwerwaachung vun dësen neie Prestatairen ubelaangt, och verstärkt an hir Zesummenaarbecht mat de jeeweilegen Autoritéiten am Ausland verdéift.

A puncto Sécherheet an Dateschutz gesäit de Gesetzesprojekt och eng Rei vun Neierunge vir. Et gëtt vun all Prestataire verlaangt, eng sougenannt staark Authentificatioun ze applizéieren, wann de Client op säi Kont wëllt zréckgräifen. Dat bedeit, dass de Client op d'mannst zwee verschidden Elementer muss benotzen, fir sech beim Prestataire anzeloggen. Zum Beispill gëtt e Passwuert an en Token verlaangt, fir sech ze identifizéieren; eng Saach eleng geet do net duer. Doduerch gëtt d'Wahrscheinlechkeet, dass een onerlaabt Zougrieff op de Kont kritt, natierlech däitlech méi kleng. Dës staark Authentificatioun spillt och dann, wann de Client online oder mam Handy bezilt.

Déi nei Prestatairen hirersäits musse sech bei der Bank, déi dem Client säi Compte courant geréiert, och identifizéieren, fir dass d'Bank noverfollege kann, wat geschitt. Et ginn nämmlech zwou Methoden, fir esou Prestatairen Accès op de Konto a soumat och zu de Kontosdonnéee vum Client ze ginn: engersäits de sougenannten „screen scraping“, wou de Prestataire sech mam Client sengem Passwuert bei der Bank aloggt, also quasi sech als den Titulaire vum Kont ausgëtt. D'Bank weess an deem Fall net, dass et sech ëm eng drëtt Entitéit handelt an net ëm de Client selwer.

D'Nodeeler vun dëser Method sinn offensichtlech: De Prestataire gëtt zum Beispill dann eventuell Saache gewuer, déi iwwert dat erausginn, wat hien ugeet. Do ass et dann duerch aus méiglech, dass de Prestataire Informatiounen sammelt, ouni dass de Client et weess. Dernieft, wann Abuse geschéien, si se schwéier zréckzeverfolgen an de Schëllegen zur Rechenschaft ze zéien.

Déi zweet Method, „application programming interfaces“ genannt, kuerz API, gëtt dem Prestataire e geziilten Accès zum Bankkonto vum Client, soudass éischstens d'Bank weess, wien tatsächlech op de Kont an d'Donnéeën zougräift, an zweetens de Prestataire och nëmme genee dat gesäit a maachen dierf, wouzou en och eng Erlaabnis vum Client huet.

Déi genee technesch Kritäre fir eng séier Kommunikatioun tëschent den Drëttubidder an der Bank, déi de Konto geréiert, ginn aktuell vun der Kommissioun an der Europäescher Bankenautoritéit ausgeschafft a wäerte Mëtt 2019 a Kraaft kënnen treden.

Här President, et ginn nach verschidden aner Elementer, déi mat deem Gesetzesprojekt emgesat ginn. Ech wëll awer elo net ze vill an den Detail goen. Erlaabt mer, hei op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen!

Just nach esou vill: De Konsumenteschutz gëtt och nach an där Hisiicht gestärkt, dass d'Verantwortung vum Client am Fall, wou onerlaabt Sue vu sengem Konto duerch eng Bancomatskaart opgehuewe ginn, vun 150 Euro op 50 Euro erofgesat gëtt. An anere Wieder, de Client verléiert maximal 50 Euro. Alles, wat driwwer ass, kritt en erëm.

Am Statsrot sengem Avis vum 26. Juni waren zwou Oppositionen formelles. Déi héich Kierperschaft huet verlaangt, dass an de Gesetzestext zousätzlech Detailler zu den Informatiounen drastoe kommen, déi d'CSSF am Kader vun hiren Aufgaben, wat d'Kontroll vum Aktionariat vun de Prestataire betrëfft, definéiere muss.

D'Finanzkommissioun ass där Opfuerderung och direkt nokomm, soudass déi zwou formell Oppositionen aus der Welt geschafft konnte ginn.

Dat gesot, Här President, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu deem

Gesetzesprojekt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci. Wéi ëmmer en exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport vun eise Spezialist, dem André Bauler. Mir bleift u sech just nach den Accord ze brénge vu menger Fraktioun. Et ass alles hei gesot ginn. Et ass eng Konsequenz vun der Digitaliséierung vun de Finanzservicer. Duerfir sinn dës Direktive wichteg. Déi ginn dem Konsument méi Rechter a schützen e besser. An duerfir brénge mir och mat Begeeschterung den Accord zu deemem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Och vun eis Merci gesot dem Rapporteur fir säi gudde Rapport.

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Do ass en, voilà! Jo, voilà, mir begreissen och dës Projet. Et ass effektiv e gutt Gesetz, wat an engem Creneau ass, dee wichteg ass fir Lëtzebuerg. Et ass eng Nisch, en neie Secteur, dee sech gutt developéiert huet iwwert déi lescht Joren, souwuel bei de Services de paiement wéi och bei de Services de monnaie électronique, wou eng ganz Rei Akteuren heihinnerkomm sinn, och well mer déi éischt Direktive schnell emgesat hunn a mat der CSSF en Ursprichpartner do ass, deen och proaktiv un déi Dossieren do erugeet.

An dofir ass et gutt, dass mer och elo d'PSD 2 ëmsetzen an eist nationaalt Gesetz. An dat ass sécher e weidere Facteur fir d'Kompetitivitéit vun eise Finanzsektor.

Ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deemem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kox huet d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (dél gréng).- Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech ginn dovun aus, dass déi aner Kollegen darselwechter Meinung sinn?

(Assentiment)

A mir ginn dann d'Wuert un de Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Ech si frou iwwert déi Begeeschterung, déi mer hei an der Chamber hunn iwwert dës Projet de loi. Et ass wouer, dass mer an deem Beräich vu Paiementer hei zu Lëtzebuerg ee vun de Virreider waren, ee vun de Pionéier schonn an de leschten zéng Joer.

Mat dëser zweeter Direktiv iwwert d'Paiementer gëtt de Consommateur besser protégéiert. D'Kontrolle vun der CSSF gi méi grouss. An ech kann lech soen: Mir hu schonn haut ongeféier 15 Gesellschaften an deem Domän, déi täteg sinn. Mir verstärken domat d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg a mir kënnen esou eis Finanzplaz diversifizéieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer ofstëmmen iwwert de Projet de loi 7195.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7195 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

Mir hunn Eestëmmegkeet mat 58 Jo-Stëmmen. Domat ass de Projet de loi 7195 ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7195 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Aehm) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo,

Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et Mme Cécile Hemmen (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox), Sam Tanson (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci. An deen nächste Projet waart schonn op eis, de Projet 7306. De Rapporteur ass deesewechten, den Här André Bauler.

12. 7306 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive (UE) 2017/2399 du Parlement européen et du Conseil du 12 décembre 2017 modifiant la directive 2014/59/UE en ce qui concerne le rang des instruments de dette non garantie dans la hiérarchie en cas d'insolvabilité et modification de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement; et

2. modification de diverses dispositions de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Gesetzesprojekt 7306 geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv an eist nationaalt Recht. Graff gesot, féiert dës Direktiv nei Dispositionen zur Hierarchie vun de sougenannten Instruments de dette non garantie am Fall vun der Insolvenz vun enger Bank an. Domadder sollen d'Regelen an deem Beräich an der Europäescher Unioun weider harmoniséiert ginn an zur Stabilitéit vum Finanzsystem bäidroen.

Am November 2015 huet de G20 en neie Plang fir d'Applikatioun vun der sougenannte TLAC-Norm adoptéiert. TLAC steet fir „total loss-absorbing capacity“,...

(Brouhaha)

...also op gutt Lëtzebuergesch: Capacitéit vun enger Bank, fir Verloschter ze absorbéieren, also opzefänken an ze verschaffen. Dës Norm soll hëllefen, ze vermeiden, dass bei Existenzproblemer vun enger grousser Bank de ganze Finanzsystem matgerappt gëtt, wéi dat an der Vergaangenheet emol de Fall war.

An deem Sënn müssen all déi Etablissementer, déi eng global systemesch Relevanz hunn, an der Lag sinn, hir Verloschter selwer opzefänken a sech kënnen ze rekapitaliséieren, ouni dass déi ëffentlech Hand muss asprangen an ouni dass d'Realwirtschaft dovunner betraff gëtt. Op dës Manéier gëtt probéiert, eng Léisung fir déi reell Problematik vun den Too-big-to-fail-Banken ze fannen.

D'Europäesch Unioun hat sech aus deem Grond och 2015 engagéiert, dës Norm bis 2019 an EU-Recht ëmzesetzen. Um europäeschen Niveau gëtt et schonn zënter 2014 déi sougenannten MREL-Exigenzen. MREL steet fir „minimum requirement for own funds and eligible liabilities“.

(Brouhaha)

Dat sinn op gutt Lëtzebuergesch déi minimal Exigenzen un Eegefongen an eligibele Scholdeninstrumenter fir Finanzinstitute, also äänlech wéi bei der TLAC-Norm, deemno d'Ufuerderungen, fir d'Stabilitéit vu Finanzinstitute ze garantéieren.

D'TLAC-Norm ass complémentaire zu der MREL. Déi zwee normativ Kadere sinn net grad identesch an hirer Applikatioun, mä si ergänzen sech éischter.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)